piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/08/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Verdeedegung weiderzeleeden.**

De Verdeedegungsministère huet op sengen offiziellen Social-Media-Kanäl am Kader vun enger Initiativ vun der Europäescher Zentralbank iwwert déi zukünfteg Euro-Schäiner eng Propose gemaach, wou op de Schäiner militärescht Material, wéi Panzer, Waffen, Militärfligeren a Satellitte ofgedréckt sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Huet d'Ministesch dëse Post an Optrag ginn oder huet si hiren Accord dofir ginn?
2. Wat sinn d'Richtlinnen beim Verdeedegungsministère fir Posts op Social Media a wéi ass d'Prozedur?
3. Fënnt d'Regierung dëse Post witzeg?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés